

Rapport Referees' Commission - 12.02.1019

Uwiesend (présents): Geib, Weber, Ney, Simonelli, Keiffer, Frieden, Frieseisen, Weinzierl, Nesser

Entschëllegt (excusés): Pascalicchio

1. Adoptioun vum Rapport Referees' Commission vum 28.12.2018
(*Adoption du rapport du 28.12.2018*)
2. Den Arsène Welter huet sech proposéiert fir eng jonk Arbitterkoppel an hirer Entwécklung ze betreien. Ref-Com ass frou iwwert dës Propose. Weider Detailler gi mam Arsène ausgemaach.
(*M. Arsène Welter se propose de prendre en charge un couple Jeunes Arbitres dans leur évolution. La REFCOM se rejouit de cette proposition. Les détails sont à voir avec M. Welter.*)
3. Bezuelen Arbitrage AXA-League : (*Rémunérations arbitres AXA-League*) :
 - Den Georges Frieden iwwerhëlt dës Charge **ab 1. Mäerz**. D'Arbitter si gebieden hir Rechnungen (AXA-League Hären an Damen, souwéi Relegatioun Hären) u folgend Adress ze schécken: fact.arbitres@flh.lu. (*M. Georges Frieden s'en chargera à partir du 1e mars 2019. Les arbitres sont priés d'envoyer leurs factures AXA-League - Hommes et Dames, ainsi que relegation Hommes) à l'adresse suivante : fact.arbitres@flh.lu*).
 - Rechnungen déi bis Enn dës Mounts ukomm si, ginn an der éischter Woch duerno bezuelt; Rechnungen déi nom 1. kommen, ginn eréischt de Mount drop bezuelt. (*Les factures introduites avant la fin du mois seront payées la première semaine du mois suivant. Les factures remises après le premier de chaque mois, seront payées seulement le mois d'après*).
 - Eng Mail mat dësen Informatiounen ass un all Arbitter geschéckt ginn. (*Un e-mail reprenant cette procédure a été envoyé à tous les arbitres*).
4. Austausch Ausland (*Échange étranger*)
 - De W.E. vum 8.-10. Februar waren 2 Arbitter vum Wiener Handball Verband hei zu Lëtzebuerg, an hunn 3 Matcher an der AXA-League gepaff. Et war e flotte WE, mat villen neien Andréck an Erfarunge Hommes fir eis Arbitterkollegen. (*Le WE du 8 au 10 février, 2 arbitres du Wiener Handballverband ont sifflés 3 matches de la AXA-League Hommes. C'était un WE agréable et riche en impressions et expériences pour nos collègues*).
 - Am Kader vun dem Austausch wäerten d'Häre Schmidt a Volz J. Enn Mäerz e puer Matcher an Éisträich leeden. (*Dans le cadre de cet échange, M. Schmidt et M. Volz J. siffleront quelques matches en Autriche.*)
 - Mam Rheinland ass eng Entrevue den 20. Februar geplangt fir Basis vun engem Austausch festzeleeën. (*Une entrevue avec la Rhénanie Palatinat*)

est planifiée en date du 20 février pour fixer les futures bases de cet échange).

5. Referee Performance Reports:

- E puer Verrieder vun der Ref-Com haten e konstruktivt Gespréich mat Verrieder vun de Klibb. Folgend Punkten sinn zeréckbehale ginn: *(Des membres de la REFCOM ont eu une entrevue constructive avec quelques représentants des clubs. Voilà les points à retenir) :*
 - Fro wien alles Rapporté vun de Klibb gesäit: *(Qui voit les rapports des clubs ?) :*
 - Et ass nach eng Kéier confirméiert ginn, dass just d'Besetzungskommissioun (Häre Geib, Weinzierl an Nesser), de Responsabele vun der Formatioun vun den Arbitter (Här Simonelli) an de Sekretär vun der FLH (Här Schmitt – Archivage) d'Rapporté vun de Klibb gesinn. *(Il a été confirmé que seuls les membres de la commission de fixation (M. Geib, M. Weinzierl et M. Nesser), le responsable de la formation des arbitres (M. Simonelli) et le secrétaire de la FLH (M. Schmitt - Archivage) auront le droit de voir ces rapports).*
 - Wat gétt mat de Rapporté gemaach ? *(Qu'arrive-t-il aux rapports ?)*
 - D'Rapporté vun de Klibb gi gebraucht fir eng generell negativ Tendenz bei enger Arbitterkoppel, respektiv Schwaachpunkten am Arbitrage ze erkennen an d'Formatioun unzepassen. *(Les rapports sont utilisés afin de détecter une éventuelle tendance générale négative et/ou des faiblesses d'arbitrage d'un couple d'arbitres et d'adapter leur formation par conséquent).*
- Weiderhin hun d'Verieder vun de Klibb eng Formatioun gefrot, wéi déi Rapporté sollen ausgefëllt ginn. Zu dësem Zweck gétt op folgenden Deeg eng Formatioun ugebueden: *(Les représentants des clubs ont souligné le besoin d'une formation quant au remplissage correct des rapports. Ces formations sont prévues les):*
 - Mëttwochs den 6.3 an Dënschdes den 13.3 all Kéiers um 19h00. (+/-1 Stonn) an der Maison des Sports zu Stroossen. *(Mercredi le 6 mars et mardi le 13 mars à 19h00 (+/-1 heure) au siège de la FLH (Maison des Sports, 3, route d'Arlon L-8009 Strassen)).*
 - All EQUIPE (AXA-League D+H an Relegatioun H) muss minimum ee Responsabele schécken, deen dann an Zukunft d'Rapporten ausfëllt. *(Chaque club (AXA-League D+H et relégation H) doit impérativement être représenté par au moins un des responsables prévus pour le remplissage des rapports)*
 - Umelle weg op arbitre@flh.lu *(Inscriptions : arbitre@flh.lu)*
- D'Ref-Com hëllt Enn der Saison eng Decisioun, wéi et mat de Rapporté weidergeet. *(LA REFCOM prendra en fin de saison une décision quant à l'avenir du système des évaluations par rapports).*

6. Formatioun Arbitter um Final 4 : *(Formation arbitres au Final4) :*

- Leider hunn Formateuren vun der EHF aus Termingrënn missen ofsoen, soudass dëst Joer just eng intern Formatioun wäert sinn. Dës Formatioun fir all Arbitter ass Freides den 1.3 vun 19h00 bis 21h00 an der Maison des Sports zu Stroossen. Schwéierpunkt – Goalkeeper. *(Malheureusement les formateurs de l'EHF ont dû annuler leur visite. Ainsi, cette année-ci, il n'y aura qu'une formation interne. Cette formation pour tous les arbitres aura lieu vendredi le 1^{ier} mars de 19 à 21h à la Maison des Sports à Strassen. Accent - gardiens de but).*
- Fir d'Formatioun am Summer ass d'Ref_Com awer a Kontakt mat engem EHF-Formateur. *(Pour la formation d'été la REFCOM est en contact avec un formateur EHF).*

Nächst Versammlung: Dënschdes den 19.03.2019 um 18h15 an der Maison des Sports zu Stroossen.

(Prochaine réunion : mardi, le 19 mars au siège de la FLH).